N° 6601
Entrée le 03.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An Däitschland gëtt aktuell vill iwwert e méiglechen Defizit bei de Schwammkompetenze vu jonke Schüler diskutéiert, déi duerch e Mangel un Unterrecht wärend der COVID-Kris entstane sinn. Dës feelend Konsequenze kënne séier zu geféierleche Situatioune féieren, wann d'Kanner an hirer Fräizäit, besonnesch wärend der grousser Vakanz a fräi Gewässer schwamme ginn, wou si net zwangsleefeg ënner Opsiicht stinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, ewéi een Impakt d'COVID-Kris op d'Schwammkompetenze vu Lëtzebuerger Schüler, besonnesch am Primärschoulsalter hat?
2) Schonn am Hierscht 2020 goufen d'Sécherheetskompetenze vu Remplaçanten, déi de Schwammunterrecht an der Primärschoul ofhalen, kontrovers diskutéiert. Kéint den Här Minister sech virstellen, d'Schwammmeeschtere beim Opschaffe vu méiglechen Defiziter oder am Fall vu Personalmangel beim Léierpersonal nees méi staark an de Schwammunterrecht mat anzebannen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6601 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1) an 2)**

Vun deem Zäitpunkt un, wou déi sanitär Situatioun eng Reprise vun de Schwammcoursen erlaabt huet, hunn déi zoustänneg Enseignanten den Developpement vun de Kompetenze vun hire Schülerinnen a Schüler evaluéiert an hinnen déi Aktivitéite proposéiert, déi hire spezifesche Besoinen am beschten entsprach an hire Léierrhythmus respektéiert hunn. Esou konnten eventuelle Lacunne beim Schwammen, déi duerch dat temporairet Aussetze vun de Coursen entstane sinn, unhand vun Differenzéierungsmesuren direkt entgéintgewierkt ginn.

Zousätzlech goufen, am Kader vun der sanitärer Kris, weider Agente rekrutéiert, fir en Dispositif de différenciation en place ze setzen. Dës Agente konnten och, falls dëst néideg war an si déi noutwenneg Viraussetzungen erfëllt hunn, an de Schwammcoursen intervenéieren, fir den Enseignant bei der Prise en charge vun de Schülerinnen a Schüler ze ënnerstëtzen.

Eng weider Hëllef, déi eng spezifesch Ënnerstëtzung fir d'Enseignantë beim Encadrement vun Net-Schwëmmer duerch ee Schwammmeeschter virgesäit, ass a war och scho virun der sanitärer Kris an de legalen Dispositioune (Artikel 1 vum *Règlement grand-ducal du 24 mars 2014 fixant le taux de participation de l'État aux frais des prestations de services fournies par les instructeurs de natation dans le cadre de l'assistance aux titulaires de classe de l'enseignement fondamental ou à leurs remplaçants ainsi que les modalités de remboursement des frais par l'État aux communes ou syndicats de communes*) virgesinn. Déi gemeinsam Gestaltung vum Schwammunterrecht duerch den Enseignant an de Schwammmeeschter dréit sécher zum Developpement vun den Net-Schwëmmer hire Kompetenze bäi an iwwert dëse Wee ass eng aktiv Implizéierung vun de Schwammmeeschter an de Schwammcours zum aktuellen Zäitpunkt scho méiglech.

Wat d'Sécherheet am Kader vun de Schwammcoursen ubelaangt, esou muss e Remplaçant, genau ewéi den Titulaire de classe, gewësse Viraussetzungen erfëllen, fir de Cours dierfen ze halen. An dësem Kontext ass virun allem de Brevet élémentaire de sauvetage ervirzehiewen. Allgemeng ass allerdéngs festzehalen, datt d'Surveillance générale an esou ewéi ronderëm de Baseng jeeweils vu mindestens engem Schwammmeeschter assuréiert gëtt, deen eenzeg heifir laut dem Artikel 2 vum *Règlement grand-ducal du 31 juillet 1990 établissant des mesures de sécurité dans l'intérêt de la natation scolaire* zoustänneg ass.

Dëst erlaabt, datt den Enseignant respektiv säi Remplaçant esou wéi och eventuell zousätzlech Schwammmeeschteren, déi beim Schwammcours fir Net-Schwëmmer matwierken, sech voll op d'Entwécklung vun de Kompetenze vun de Schülerinnen a Schüler konzentréiere kënnen an hir Sécherheet zu all Moment garantéiert ass.

Lëtzebuerg, den 8. September 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH